fnel scouts & guides

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

SCOUTING IN LUXEMBOURG

04.03.2018

World Scout Jamboree 2019 North America

Luxembourgish Contingent

Newsletter 2

Léif Guiden a Scouten,

dir hutt misse laang op des 2. Newsletter waarden an dëst huet leider e Grond.

D'Organisateure vum Jamboree 2019 hunn d'Guiden a Scouten all mat der Noriicht iwwerrascht, dass de Camp „booked out" ass a mir bis op Weideres just eng fixéiert Unzuel vu Leit mathuelen däerfen.

Konkret heescht dat fir de „Luxembourgish Contingent" dass de Moment en Total vun 160 Leit mat op den Jamboree goen däerf.

De SIL (Scouting in Luxembourg) huet zesumme mat de Verbänn vun der FNEL an den LGS decidéiert, dass genau d'Halschent Membere vun den LGS an d'Halschent vun den FNEL däerfe sinn.

Function/Number of persons	FNEL	LGS	Total
CMT	4	4	8
Leaders	6	6	12
Participants	60	60	120
IST	10	10	20
Total	**80**	**80**	**160**

Hei nach emol d'Infoen iwwert den Jamboree op ee Bléck.

Wat ? 24. World Scout Jamboree « Unlock a new world »

Wou ? West Virginia, The Summit Bechtel Reserve

Wéini ? 22. Juli-02. August 2019 (ouni Norees)

Norees? D'Norees dauert +/- eng Woch an ass direkt nom Jamboree. D'Norees geet op Philadelphia, Washington a New York

D'Altersgrenzen fannt dir an der 1.Newsletter:

https://wsj2019.sil.lu/newsletter/

fnel scouts & guides

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Präis ?

Déi iewecht Limit vum Präiss as fixéiert op:

Optioun 1: Jamboree: 2950€ (1200€ Camp + 1750€ fir Transport, Preparatiouns-WE 2019 a Contingent-Material)

Optioun 2: Jamboree + Norees (2950€ + 1000€)

Wat?	**Wéini?**	**Montant?**
1.Acompte	**15.03.2018**	**500€**
2.Acompte	01.09.2018	1450€
Reschtbetrag	01.02.2019	1000€
(Norees)	(2019)	(1000€)

Opgepasst:

- E **Mëttwoch de 07. März 2018 um 20h00** gin déi definitiv Umeldungen op.
  Mir mussen leider nom Prinzip „1er arrivé, 1er servi“ verfueren
- Den 1. Acompte gëtt net rembourséiert falls een méi spéit ofspréngt.

fnel scouts & guides

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Wéi mellen ech mech elo un? Online iwwert eise Site:

https://wsj2019.sil.lu/definitiv-umeldung/

Et get 2 Méiglechkeeten:

1. **Eenzelumeldung**
    a. IST
    b. Chef oder Participant déi als eenzeg aus hirem Grupp mat op den Jamboree ginn
2. **Gruppenumeldung**
    a. Chef mat Participants
    b. Participanten ouni Chef mussen eng Kontakpersoun an hirem Grupp uginn

Als Donnéeë braucht dir: Numm, Gebuertsdag, Norees (jo/nee), Verband a Grupp.

fnel scouts & guides

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Déi definitiv Umeldunge sinn op vun e Mëttwoch 20h00 bis de 15. Mäerz mee denkt drun dass deen éischte fir ass. All déi aner schreiwe mir der Reih no wéi se sech ugemellt hunn op eng Waardelëscht an der Hoffnung, dass eise Lëtzebuerger Contingent awer nach méi grouss däerf ginn.

Ënnerhalb vun 48 Stonnen no ärer online Umeldung kritt dir eng Confirmatioun ob dir definitiv ugemellt sidd an eng Mail mat der Kontosnummer fir den 1. Acompte ze bezuelen. Dëse muss spéitstens de 15.Mäerz 2018 iwwerwise sinn.
Bei Eenzelumeldunge maacht dir selwer e Virement, bei Gruppenumeldunge mécht äre Grupp e gruppéierte Virement.

Fir all Froen wat d'Umeldungen uginn, schreift eis op:
umeldungen@wsj2019.sil.lu

Villmools Merci fir äert Verständnis!
Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiß,
Fir de Lëtzebuerger Contingent,
Rouven a Guy